



N° 5925
Reçue le 14.03.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.03.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.

Mir ass zougedroe ginn, dass de Sportsministère 6 Still fir iwwert 11'000€ soll kaaft hunn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister dës Ausgaben erklären?
2. An wéi engem Artikel vum Budgetgesetz war des Ausgab virgesinn?
3. Ass de Minister net der Meenung, dass hei och méi bëlleg Miwwelen de selwechten Déngscht gemaach hätten?
4. Goufen nach weider Miwwel Akeef an dësem Präissegement vum Ministère säit Ufanks des Joers getätegt?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député





Antwort vum Sportsminister Georges Engel op déi parlamentarësch Fro N° 5925 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen iwwert Uschaffen vu Mobilier am Sportsministär

Den honorabelen Deputéierten seng Froe betrifft Miwwelen bei den Sportsministär den 1. Februar 2021 iwert den Artikel 43.0.74.040 "Acquisition d'équipements spéciaux" am Wäert vun 9.548,60 € bezuelt huet. Heibai handelt et sech em eng Garnitur vu 4 Still, engem Beistelldeesch an 2 Hockeren bei geduecht sin fir den Accueil vun de Visiteuren am Sportsministère méi attraktiv ze maachen an insgesamt ee Gebai a saï Mobilier aus de 70er Joeren ze moderniséieren a méi sportlech auszustatten. Zesumme mat Bâtiment public gëtt dann och un engem Gesamtkonzept geschafft wat dëse Kriterien entspreche soll.

Luxembourg, le 25 avril 2022

Le Ministre des Sports

(s.) Georges Engel